PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

I-2023-O-M-7832-01

Dépôt: POLIDORI Ben

Heure d'actualité n°4244 : Proposition de la Commission européenne relative à l'analyse automatisée des communications privées obligatoire pour tous les opérateurs de services de messagerie ou de courriel (Chat Control)

Lëtzebuerg, den 14/03/2024

2

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- dass d'EU-Richtlinn 2006/24/EG, d'Späicherung vun Telekommunikatiounsdaten a Mailen, d.h. déi sougenannte Vorratsdatespaicherung, zougeloss hat;
- dass d'ofgeännert Gesetz vum 30. Mee 2005 a sengem Artikel 9 d'Aféierung vun der Vorratsdatespaicherung zu Lëtzebuerg festhält;
- dass d'Gesetz vum 27. Juli 2007 d'Späicherungsdauer op 6 Méint festleet;
- dass d'Uerteeler vum Europaesche Geriichtshaff vun 2014 an 2016 soten, dass d'Richtlinn 2006/24/EG géint d'Grondrechter vun de Bierger:innen an der EU verstouss huet;
- dass den Europäesche Geriichtshaff (C-623/17) 2020 festgestallt huet, dass d'EU-Recht nationale Gesetzer entgéint steet, déi Ubidder forcéieren, Verkéiers- a Standuertdaten generell, wahllos a verdachtslous ze späicheren.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. d'Uerteel vum EUGH endlech ze respektéieren an d'Vorratsdatespäicherung esou schnell wéi méiglech ze ënnerbannen.

Ben Polidori